6 Prioritéite fir d'Stad

Wunnen

Familljen

Mobilitéit

Lëtzebuergesch

Sécherheet

Liewensqualitéit

D'Alternativ fir Är Stad Lëtzebuerg

Wunnen

D'ADR setzt sech fir bezuelbare Wunnraum fir jiddereen an! Eis Stad huet iwwer 800 Milliounen Euro Reserven. D'ADR géif d'Halschent heivu an e Fong setze fir an de Bau vu Sozialwunnengen ze investéieren, ënner anerem duerch de Kaf vun deenen 10% déi bei gréissere Projete geschaaft ginn. Méi ewéi 1500 zousätzlech Sozialwunnenge kéinten esou ugebuede ginn. Wunnengen déi der Stad gehéieren däerfen net eidel stoen! Traditionell steet d'ADR fir de Respekt vun der privater Proprietéit a mir refuséieren duerfir sozialistesch Iddie vun Enteegnung.

Sécherheet

D'Recht op e Liewen an Sécherheet ass e fundamentaalt Recht vum Bierger. Mer fuerderen eng seriéis Policepräsenz am ëffentleche Raum. Op d'allermannst an de Quartiere Gare, Bouneweg, Uewerstad a Kierchbierg musse Policekommissariater 24 Stonnen op 24 besat a fir d'Leit accessibel sinn. Et däerf néierens um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg zu rechtsfräien Zone kommen! D'Police muss déi néideg Moyene kréie fir effikass kenne géint onerwënscht an aggressiivt Verhale virzegoen.

Familljen

D'Kanner mussen nees déi éischt Prioritéit vun eiser Gesellschaft, vum Staat a vun der Gemeng duerstellen! Mat deiere Spillplazen ass et net gedoen. Et kann an däerf net sinn datt nach ëmmer Waardelëschte fir Plazen a Foyere vun der Stad bestinn. Sport- a Kulturveräiner feelt et esouwuel un den néidegen Infrastrukturen ewéi un de finanzielle Ressourcë fir déi ëmmer wuessend Zuel vu Kanner a Jugendlechen ze betreien a vun der Strooss ze huelen an esou hirer sozialer Verantwortung gerecht ze ginn. D'ADR fuerdert d'Realisatioun vum Projet "Bëschspillschoul" a well net datt d'Kanner all Bezuch zur Natur, Déierewelt a Landwirtschaft verléieren. D'Matsproocherecht vun den Elteren a Betreiungsstrukturen oder Schoulen ass wichteg an d'Elteresekretariat däerf net eng reng Alibifunktioun erfëllen.

adr

info@adr.lu

D'Alternativ fir Är Stad Lëtzebuerg

Mobilitéit

Ee Verkéiersmëttel däerf net weider géint anerer ausgespillt ginn. Foussgänger, Vëlosfuerer, Benotzer vum ëffentleche Verkéier AN Automobilisten a Motocyclisten hier legitim Bedierfnisser musse respektéiert ginn. Mir wëlle keng autofräi Stad! D'ADR setzt sech zanter laangem fir en gratis ëffentlechen Transport an a wäert deen an der Stad (AVL) duerchsetzen. Mir maachen och der "Maximal 1 Parking pro Wunneng" Politik en Enn! D'Recht op e Parking oder Garage däerf kee Privileeg sinn, mee e Recht fir all Bierger.

Lëtzebuergesch

D'ADR ass iwwerzeegt, datt d'Lëtzebuerger Sprooch dat wichtegst Mëttel zur Integratioun ass. D'Stad Lëtzebuerg, wou déi meeschten Auslänner sech als éischt am Land nidderloossen, huet do eng besonnesch Verantwortung. Schonns beim Umelle vun neie Bierger muss kloer erausgoen, datt Lëtzebuergesch an net Franséisch d'Landessprooch ass! Et kann och net sinn, datt den Internetsite vun der Stad exklusiv op Franséisch ass. Dat ass net nëmmen eng Frechheet fir eis national Sprooch ma och eng Diskriminatioun vun eisen däitsch- englesch- portugisesch- anersproochegen Matbierger.

Liewensqualitéit

Och wann eis Stad wiisst a sech verännert däerf awer den Awunner hier Liewensqualitéit net total vernoléissegt ginn! Vill ze vill Schantercher déi net genuch kontrolléiert a koordinéiert gi maachen a munche Quartieren d'Liewensqualitéit futti. Och d'Geschäftswelt leit. Mir wëllen net datt d'Geschäfter aus der Stad gedriwwe ginn. Dozou gehéiert och datt de Client vun ausserhalb genuch Parkméiglechkeete muss hunn. Dat selwecht gelt fir Handwierker déi bei e Stader schaffe kommen. D'ADR well eng liewenswäert Stad. Dozou gehéiert och eng propper Stad wou den ëffentleche Raum net duerch Graffiti a Pechbiller verschampeléiert gëtt oder d'Leit belästeg ginn.

adr. D'Alternativ fir Är Stad Lëtzebuerg

Schwätzt mat eis

Zens
Centre sociétaire "Schwaarzt Haus"
167, rue de Trêves

Dënschdeg, den 12. September, 19.Auer

Weimerskirch
Centre culturel "Am Duerf"
1, rue Henri Lamormesnil

Mëttwoch, den 20. September, 19.Auer

Hollerech
Centre culturel de Hollerich
34, rue Emile Lavandier

Donneschdeg, den 21. September, 19.Auer

Zéisseng
Centre culturel de Cessange
1, rue St. Joseph

Méindeg, den 25. September, 19.Auer

Neiduerf
Centre culturel Neudorf
254, rue de Neudorf

Dënschdeg, den 26. September, 19.Auer

Bouneweg
Centre culturel de Bonnevoie
2, rue des Ardennes

Mëttwoch, den 27. September, 19.Auer

— — ausschneiden an un d'ADR 22, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken — ✂ —

Gitt Member an der ADR!

Joresbäitrag: 14€, 20€ (Stot), 5€ (Schüler, Student)

Numm, Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

E-Mail: .....